N°6659
Entrée le 16.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.08.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/08/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Op der Website vun der ITM gëtt Mobbing esou definéiert:

> *Mobbing bezeichnet eine konfliktbehaftete Beziehung am Arbeitsplatz, sowohl zwischen Kollegen, als auch zwischen Vorgesetzten und Untergeordneten. Die Zielperson, das Opfer, wird über einen längeren Zeitraum wiederholt und systematisch angegriffen, mit dem Ziel, sie auszugrenzen (H. Leymann, schwedischer Psychologe). Jemanden daran hindern sich auszudrücken, ihn ausgrenzen, ihn an seinem Arbeitsplatz in Verruf oder Misskredit bringen oder seine Gesundheit gefährden - all das sind Verhaltensweisen, die auf Mobbing schließen lassen.*

Ma Mobbing taucht net nëmmen am Privatsektor op, mee kann iwwerall geschéien, wou Mënsche verschiddenster Natur zesummekommen. Dofir existéiert och beim Staat de Service Psychosocial (SPS) als Ulafstell, fir de Staatsbeamten an esou Situatioune ze hëllefen.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hunn de SPS an de leschte 5 Joer wéinst Mobbing op der Aarbechtsplaz consultéiert?

2. Wéi oft huet den SPS an de leschte 5 Joer eng Mediatioun tëscht Konfliktparteien duerchgefouert?

3. Kënnen och Beamte vun Etablissement publics sech un den SPS wenden a kann de Service onofhängeg vum Statut (Salarié, Employé d'Etat, Fonctionnaire) vun de Betraffene genotzt ginn?

4. Wéi eng weider Weeër stinn de Betraffenen op, am Fall wou d'Consultatioun an d'Mediatioun beim SPS keng Resultater bréngen?

5. Wéi vill Plainten an der Fonction publique am Zesummenhang mat Mobbing goufen

dem Minister oder anere Regierungsmemberen an de leschte 5 Joer weidergeleet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député